ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi an engem *tageblatt*-Artikel vum 19.8.2022 nozeliesen ass ("Kein Budget für externe Lehrkräfte", S. 3), waarden insgesamt 35 extern Léierpersounen ("collaborateurs externes") op hir Paie vum zweeten an drëtten Trimester vum vergaangene Schouljoer. Et geet ëm eng Gesamtzomm vun 155.000 Euro. De Schoulministère huet matgedeelt, datt dës Paie réischt no der politescher Rentrée, am Oktober 2022, kéinten ausbezuelt ginn. De Ministère begrënnt dës Budgetiwwerschreitung mat der Flüchtlingswell aus der Ukrain, déi et mat sech bruecht hätt, datt zu Lëtzebuerg méi Léierpersounen agestallt gi wiere wéi virgesinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Léierpersoune goufen insgesamt am Kontext vun der Scolariséirung vun ukrainesche Flüchtlingskanner agestallt? Wéi vill vun dëse Léierpersoune krute bis elo d'Integralitéit vun hire Paien ausbezuelt?
2) Kann den Här Minister am Detail preziséieren, a wéi enge Schoulberäicher déi 35 Léierpersounen, déi zurzäit nach op d'Ausbezuele vun hire Paie waarden, aktiv sinn?
3) Am genannten Artikel ass vun engem "Budgetposten mit der Kennnummer 11.1.12.000" rieds, deen, sou de Ministère, den 2. August 2022 opgebraucht war. Kann den Här Minister Prezisiounen zu dësem Budgetposte ginn?
4) Ass dru geduecht, fir bei der Ausbezuelung vun de Paie fir déi 35 Léierpersounen och déi réckwierkend Indexéirung bis den 1. Abrëll 2022 mat anzerechnen?
5) Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, wéi een an Zukunft, am Kontext vun änleche Krise wéi der Ukrain-Kris, vermeide kann, datt eng Rei vu Léierpersoune bis d'parlamentaresch Rentrée waarde mussen, fir hir Paien ausbezuelt ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten